



HOKKAIDO UNIVERSITY

Title	Ziler a Bedeutunge vun der Linguistik vum Letzebuergeschen a Japan
Author(s)	西出, 佳代
Citation	研究論集, 12, 137(左)-155(左)
Issue Date	2012-12-26
Doc URL	https://hdl.handle.net/2115/51964
Type	departmental bulletin paper
File Information	007_NISHIDE.pdf



Ziler a Bedeutunge vun der Linguistik vum Lëtzebuergeschen a Japan

Kayo Nishide

Resumé

Dieser Artikel ist eine überarbeitete Version meines Vortrags beim Kolloquium an der Universität Luxemburg im Oktober 2011, bei dem die Problematik der Luxemburgistik von Forschern aus Luxemburg und Japan kritisch erörtert wurde sowie die Ziele und die Bedeutungen der Luxemburgistik in Japan diskutiert wurden.

Für die Publikation in Japan habe ich außerdem einige allgemeine Informationen und verschiedene Aspekte der Luxemburgistik hinzugefügt. Im 1. Kapitel wird die Geschichte des Großherzogtums Luxemburg seit dem Mittelalter in Bezug auf dessen linguistische Situation kurz dargestellt, damit man eine Vogelperspektive auf die luxemburgische Gesellschaft sowie deren heutige hybride und mehrsprachige Situation haben kann. Im 2. Kapitel wird die Thematik der Luxemburgistik unter zwei Gesichtspunkten behandelt: Erstens die Mehrsprachigkeit der luxemburgischen Gesellschaft und zweitens die Entwicklung des Luxemburgischen als einer Ausbausprache, die durch das Sprachgesetz von 1984 aus dem deutschen Dialekt Westmoselfränkisch zur Nationalsprache des Großherzogtums geworden ist. Zum Schluss wird im 3. Kapitel die Luxemburgistik als INTER-kulturelle Forschung in Japan der INTRA-kulturellen Forschung in Luxemburg gegenübergestellt. Damit sollen ihre Möglichkeiten in zwei Richtungen, intern für Japan und extern für Luxemburg, entwickelt werden.

1. Kuerz Geschicht vum Lëtzebuerg a seng linguistesche Situatioun

D'Groussherzogtum Lëtzebuerg huet haut en 2 586 km² groussen Territorium, deen

ëstlech un Däitschland, westlech u Belgien a südlech u Frankräich ugrenzt, mat ongeféier 500 000 AwunnerInnen (STATEC). Den Numm vum Land ass als fir d'éischt 963 bäi der Transaktioun tëschent dem Grof Sigefroid an der Abtei Saint-Maximin vun Tréier beluecht: "lucilinburhuc"¹ (Tausch 1992: 21–22). Um Ufank hat Lëtzebuerg linguistes- ch zwäin Territorien: dee germanophoneschen Deel an dee francophoneschen Deel (Tausch 1992: 27)² (vgl. Ofb. 1). Nodeems de Wencelas II. dat Land un de Josse de Moravien

ofginn huet, gouf Lëtzebuerg awer bis zum Kongress vu Wien (1815) vu Burgund, Spuenien, Frankräich, an Éister- räich ofwiesselnd beherrscht. Zënter der Herrschaft vu Burgund ass d'Fran- séischt bis haut prinzipiell ëmmer déi offiziell Sprooch vum Land (Fröh- lich/Hoffmann 1997: 1159)³. Als Resultat vum Wienerkongress (1815) gouf Lëtzebuerg zum Groussher- zogtum an zum perséinleche Besëtz vum Kinnek vun den Nidderlanden, dem Wilhelm I. ("union personnelle")⁴. Deemools huet d'Groussherzogtum linguistes- ch nach zwee Deeler: "quar- tier allemand" a "quartier français" (Tausch 1992: 69). Bäi der Bildung vun der Nationalidentitéit vu Lët- zebuerg huet déi belsch Revolutioun géint den Nidderlanden (1830–1839)



Ofb. 1 deen Haaptterritorium vum Lëtzebuerg (1364) (Tausch 1992: 32)

¹ lucilinburhuc (dt. 'kleine Burg' (Vgl. engl. 'little bourg')) > Lëtzebuerg.

² Vum 14. bis zum Ufank vum 15. Jh. gouf Lëtzebuerg vun der Grofschaft zum Herzogtum. D'Land huet seng Territorien an Osteuropa wéi a Böhmen, Moravien asw. ausgebreed, an 1364 krut Lëtzebuerg dee gréissten Territorium (10 000 km², ongeféier 4 mol méi grouss wéi deen heitegen) (Tausch 1992: 26) (Vgl. Ofb. 2).

³ Allerdéngs huet z.B. den Nationalsozialismus beim zweete Weltkrich Lëtzebuerger verbueden, Franséisch ze gebrauchen (Vgl. ënnen).

⁴ Déi perséinlech Unioun vun den Nidderlanden a Lëtzebuerg vum Kinnek huet bis 1890 gedauert (Tausch 1992: 68).



Ofb. 2 dee ganzen Territorium vu Lëtzebuerg am 14. Jh.
(Tausch 1992: 41)

zebuerg linguistesche homogen, d.h. 't ass em nëmmen dat Gebitt bliwwen, dat selwescht vum heitegen Territorium, wou en Dialekt vum Däitschen, Westmoselfränkesch, nämlech dat Lëtzebuergesch, geschwat gëtt. Zur Zäit vun der Revolutioun huet d'Lëtzebuergesch e grouss Schrëtt gemaach: 1829 gouf déi éischt Publikatioun op Lëtzebuergesch⁵ vum Antoine Meyer, *E' Schreck ob de Letzeburger Parnassus*, erausginn (Tausch 1992: 106; vgl. och Meyer 2004). No der Revolutioun huet déi klassesch lëtzebuergesch Literatur mat dräi grouss Schrëftsteller opgebléit: de Michel Lentz (1820–1893), den Edmond de la Fontaine (genannt Dicks) (1823–1891) an de Michel Rodange (1827–1876). 1847 gouf och deen éischten Dictionnaire vum Lëtzebuergeschen vum J.-F. Gangler⁶ erausginn (Tausch 1992: 106) (Vgl. Gangler 2005). Mir mussen drop bis zum Sproochgesetz vum 1984 waarden, datt d'Lëtzebuergesch zur Nationalsprooch vum Land, nämlech zu enger Ausbausprooch vum engem däitschen Dialekt, gëtt, ma 't kann een op d'manst bedenken, datt déi sproochlech Homogenitéit zënter 1939 zur Entwécklung vum de Lëtzeburger hirer Sprooch an domat zur Bildung vum hirer Nationalidentitéit bedeitend bäigedroen.

Ee vun de wichtegen Evenementer, déi déi lëtzeburger Ökonomie an och déi linguis-

eng grouss Roll gespillt, wou d'Groussherzogtum, ausser der Hauptstadt, ënner der belscher Administratioun un der Revolutioun deelgeholl. Dee Vertrag vu London 1939 no der heiter Revolutioun huet festgeluecht, datt Lëtzebuerg säi ganz francophonescht Gebitt an een Deel vum germanophonesche Gebitt (Arlon) der Belsch sollt ofrieden (Tausch 1992: 80). Domat gouf Lëtze-


⁵ Et gëtt allerdéngs méi al Iwwerliwwerungen vum heitegen Territorium vu Lëtzebuerg, z.B. Glosséierung vum Iechternach vum Zäitraum vum Alhéichdäitschen (Meineke/Schwerdt 2001: 167; Schulte 1993: 88–110; Moulin/Glaser 1257–1278) an *Yolanda von Vianden* vum Mëttelhéichdäitschen (Newton/Lösel 1999).

⁶ Haut ass och déi Onlineversioun dovu verfügbar (http://engelmann.uni.lu:8080/portal/WBB2009/LLU/wbgui_py?mainmode=&lemid=&prefix=a&mode=&openwb=1).

tesch Situatioun vum Land staark beafloss hunn, ass déi Entwécklung vun den Eisenindustrien am Süden (an der Géigend “Minett”) an de 1870er Joren an dofir nêideg auslännesch Aarbechtkräften aus de verschiddene Länner: déi éischt Well koum aus Däitschland (1875–1930er Joren), duerno aus Italien (1892–1950er Joren) an dunn aus Portugal (1960er Joren-) (Gengler et al. 2003: 227–229). D’Präsenz vu ville romano-phonesche Migranten zu Lëtzebuerg beaflosst herno besonnesch déi heiteg Sproochenaschätzung vum Franséischen (Iwwert de Wandel vu Migrantenzuel an heiteg Nationalitéite vun hinnen vgl. Ofb. 3. (Statec) a Ofb. 4. (Statec)).


Am zweete Weltkrich huet Däitschland d’Groussherzogtum besetzt an zënter 1940⁷ sproochpolitesch radikal versicht, dëst Land ze germaniséieren. Bis dohin huet Lëtzebuerg och nom Verloscht vum romanophonesche Gebitt am Joer 1939 dat Franséisch als offiziell an administrativ Sprooch wéi Traditioun bäibehal. Hirer “Mondaart” waren d’Lëtzebuerger och méi bewosst ginn a schonns 1912 huet z. B. de Michel Welter, Deputéierten vum Chamber, souguer deen “Trilinguism” vum Land mat Franséisch, Däitsch a Lëtzebuergesch behaupt⁸(Tausch 1992: 109–110). Déi Sproochpolitik vum

Graphique 4 : Part des étrangers dans la population totale



Ofb. 3.

Graphique 4 : Population selon la nationalité



Ofb. 4.

⁷ «Une ordonnance du 6 août 1940 fait de l’allemand la langue exclusive de l’administration et de la Justice.» (Tausch 1992: 164)

⁸ Vgl. Michel Welter: «Nous n’arriverons jamais à atteindre la perfection dans la langue française ou allemande. Ce sont deux langues étrangères au peuple luxembourgeois. On a beau écrire dans nos livres d’école: *die deutsche Sprache ist unsere Muttersprache* [...], c’est un mensonge. Notre langue c’est le luxembourgeois». (Tausch 1992: 110)




Abbildung 8: Sympathiewerte für die deutsche und französische Sprache nach Altersgruppen

Ofb. 5.

Nationalsozialismus huet op sech dofir géint senger Ofsicht eng staark Ofneigung vum Lëtzebuurger gezunn a souguer hir Identitéit als “Lëtzebuurger” an hir Differenzéierung tëscht Héichdäitsch an hir Mondaart, Lëtzebuergesch, verstärkt⁹. Well d’Kanner an der Schoul deemools d’Franséisch net konnt léieren, fanne vill vun dëser Generatioun d’Schwieregkeet, Franséisch ze schwätzen, während vill vun hinnen

iwwert dës Sprooch eng positiv Aschätzung ginn. Dogéint weise méi jonk Generatiounen eng ëmmer méi positiv Aschätzung fir dat Däitsch a wéinst der Präsenz vu ville Migrante schätze se Franséisch ëmmer méi negativ an¹⁰ (Vgl. Ofb. 5 (Gilles et al. 2010: 73)). Duerch dat Sproochgesetz vum 24. Feb. 1984 ënnen ass d’Lëtzebuergesch déi Nationalsprooch (langue nationale) vu Lëtzebuerg nieft zwou Verwaltungssproochen, Franséisch a Däitsch:

Loi du 24 février 1984 sur le régime des langues.

Art. 1^{er} — Langue nationale

La langue nationale des Luxembourgeois est le luxembourgeois.

Art. 2. — Langue de la législation

Les actes législatifs et leurs règlements d’exécution sont rédigés en français. Lorsque les actes législatifs et réglementaires sont accompagnés d’une traduction, seul le texte français foi. [...]

Art. 3. — Langues administratives et judiciaires

En matière administrative, contentieuse ou non contentieuse, et en matière

⁹ Déi Formulaire vun 1941, déi de Lëtzebuurger no hirer Nationalitéit, hirer Mammesprooch an hirer Vollekszugehöregekeet freet, hu se dräimol “Lëtzebuergesch” geäntwert (Tausch 1992: 169).

¹⁰ Et gëtt e Bericht vum Commentaire vun engem Lycéen, dee oflehnt, Franséisch ze léieren: «Je ne vais quand même pas apprendre la langue de ma femme de ménage!» (Fehlen 2011: 160)

judiciaire, il peut être fait usage des langues française, allemande ou luxembourgeoise, sans préjudice des dispositions spéciales concernant certaines matières.

Art. 4. — Requêtes administratives

Lorsque une requête est rédigée en luxembourgeois, en français ou en allemand, l'administration doit se servir, dans la mesure du possible, pour sa réponse de la langue choisie par le requérant.

[...]

<http://www.legilux.public.lu/leg/a/archives/1984/0016/a016.pdf>¹¹

Domat ass d'Lëtzebuergesch gesetzlech zu enger Sprooch ginn (Ausbausprooch) an déi heiteg Triglossie zu Lëtzebuerg huet richteg ugefaangen.

Am Kapitel drënner ginn d'Thematike vun der Lëtzebuergistik, d'Studien iwwert dës hybrid, méisproocheg Land mat senger neier eegener Sprooch, méi no diskutéiert.

2. Thematike vun der Lëtzebuergistik

2. 1. Méisproocheg Situatioun zu Lëtzebuerg

De Batty Weber (1880–1941), ee vun de groussen Publizisten zu Lëtzebuerg, huet de Lëtzeburger hir Identitéit als „Mischkultur“ definéiert (Tausch 1992: 110). Wéi uewe geschriwwen, ass Lëtzebuerg linguistisch eent vu méisproochegen Länneren, dat eng National-sprooch, Lëtzebuergesch, nieft zwou Verwaltungssproochen, Franséisch an Däitsch, huet. Eng opfallend Eegenschaft vu senger soziolinguistescher Situatioun ass hir Hybriditéit a Komplexitéit, anescht wéi a Länneren, z. B. der Schwäiz oder der Belsch, wou je no der Géigend eng adequat Sprooch gebraucht gëtt. Zu Lëtzebuerg soll jidderee duerno an den dräi Sproochen wiesselen, mat wéi an a wat fir enger Situatioun hie schwätzt (schreift). Gilles (2011) z.B. schléit vir, seng Méisproochegkeet mat deene véier Beschreiwungsdimensionen ënnen ze verstoen:

1. Medialitéit (mediale Realisierungsweise): medial schriftlich *versus* medial mündlich (Dichotomie),
2. Konzeption: konzeptionell schriftlich bis konzeptionell mündlich

¹¹ Mam Site “Legilux” vun der Regierung (<http://www.legilux.public.lu/>) si legislativ Dokumenter disponibel.

Abb. 2: Teilmodell für das Kontinuum der konzeptionellen Mündlichkeit

<- konzeptionell mündlich ----->						
Medial mündlich	synchron	Alltagsgespräche L			Bewerbungsgespräch L	Diskursarten
	asynchron		privater Anrufbeantwortertext L	Radioansagen L	Parlamentsreden L	Textsorten
Medial schriftlich	quasi-synchron	Privat-Chat L		Polit-Chat L/F		Diskursarten
	asynchron	Privat-SMS L Gruß-SMS L	Web-Foren L	Privat-E-Mail L Privat-Brief L/D/F Urlaubskarte L	Comptes rendus L Interviewtranskripte von Regierungsmitgliedern L	Textsorten

Ofb. 6.

(Kontinuum),

3. Synchronizität: synchron — quasi-synchron-asynchron,
4. Sprache: Luxemburgisch — Deutsch — Französisch.

Gilles (2011: 49)

No him gëtt d'Lëtzebuergesch méi gebraucht, wann den Domän méi „konzeptionell mündlich“ gëtt, d.h. net nëmme bäi engem medial mündlechen Domän, wéi „Alltagsgespräche“ oder „Radioansagen“, mä och bäi de medial schrëftlechen Domänen: Privat-SMS, E-Mail oder Urlaubskarte (Vgl. Ofb. 6. (Gilles 2011a: 50)). Dogéint gi „konzeptionell schriftlich“ Däitsch an Franséisch méi dacks gebraucht (Vgl. Ofb. 7. (Gilles 2011a: 58)). 't ass awer festzustellen, datt déi Dateien hei iwwert de Sproochgebrauch an der lëtzebuergescher Sproochgemeinschaft sinn, wéi den Titel vun dëser Ofhandlung weist, an datt dat nëmme een Aspekt vun der linguistescher Situatioun zu Lëtzebuerg ass. Wéinst der Präsenz vu ville romanophonesche Migrante gëtt op der Strooss ganz dacks op Franséisch geschwat¹², d.h. aus enger anerer Siicht kann d'Franséisch och eng dominant Sprooch an engem mündlechen Domän sinn. Well Lëtzebuerg eng ganz

Abb. 3: Teilmodell für das Kontinuum der konzeptionellen Schriftlichkeit

		konzeptionell schriftlich →			
medial mündlich	Dis-kurs-arten				
	Text-sorten	Ansprachen L/F Predigt L	Nachrichten auf RTL L offizieller Anruf-beantworter F/D/E/L	Liturgie F/D Wissen-schaftlicher Vortrag F/D	
medial schriftlich	Dis-kurs-arten				
	Text-sorten	Anzeigen F/L Zeitun-gen/ Zeitschrif-ten D/F	Regierungs-internetsei-ten F	Sachtexte F/D/L Wikipedia L	Wissenschaftlicher Aufsatz F/E/D Gesetze F

Ofb. 7

hybrid Gemeinschaft ass, ass seng méisproocheg Situatioun richtig komplizéiert, an 't braucht ee méisäiteg Perspektiven, fir si wierklech nozekucken. Méi Informatiounen doriwwer fënnt een z.B. an enger grëndlecher an ëmfangräicher Recherche vum Fernand Fehlen (Fehlen 2009).

Déi Méisproochegkeet zu Lëtzebuerg an d'Hybriditéit vu senger Gesellschaft bréngen och Problemer besonnesch am Domän vum Enseignement an der Schoul. Dee "Loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire" (<http://www.legilux.public.lu/leg/a/archives/2009/0020/a020.pdf>) setzt als Sprooch fir den Enseignement an der Schoul d'Lëtzebuergesch, d'Däitsch an d'Franséisch fest. Nom "Mém. A — 178 du 22 août 2011, p2990"¹² ass et an der Tat d'Däitsch, dat beim Enseignement an den éischte 4

¹² „Wenn ich einkaufen gehe und dann jemanden bitte, mir zu helfen, bekomme ich gleich zur Antwort: „en français, s'il vous plaît.““L.V.E (Düdelingen): „Zur luxemburgischen Sprache“, in Tageblatt, 12. 02. 2009, S. 65. („auf Französisch bitte“) (Gilles et al. 2010: 87)

¹³ Règlement grand-ducal du 11 août 2011 fixant le plan d'études pour les quatre cycles de l'enseignement

scolaresche Cyclen haaptsächlech gebraucht gëtt. Deen heite Curriculum ass jo vernënfteg fir déi Schüler, déi Lëtzebuergesch als Mammesprooch schwätzen, well Lëtzebuergesch eng germanesch Sprooch ass wéi Däitsch. Mä wéi Ofb. 4. weist, wunnen zu Lëtzebuerg eng net-ignoréierbar Zuel vu romanophonesche Leit. Dëse Curriculum kann dee bedenklechen Ofstand vun den Niveauen an de Klassen an domat déi zoukënfteg Differenz vun de soziale Schichten tëschent deene lëtzebuergesch Schüler an deene mam migrantschen Hannergrond. 't kommen haut ëmmer Auslänner op Lëtzebuerg, an d'Land ass staark gefuerdert, fir gutt Moosnamen dofir ze fannen.

En aneren Aspekt vun der méisproocheger an hybrider Gesellschaft ass och déi kriddeleg d'Definitioun vun der "Nationalliteratur". Wann ee Wierk op Lëtzebuergesch vun engem Lëtzebuerger geschriwwen ass, dann kéint een dat ouni Problem als lëtzebuerger Nationalliteratur bezechnen. Awer well Lëtzebuergesch nach eng ganz jonk Sprooch ass, obwuel et och zënter 19. Jh. Literatur an dëser Sprooch, Lëtzebuerger Däitsch, gëtt, an haut ëmmer méi Publikatiounen op Lëtzebuergesch erausgi ginn (Vgl. Berg 2006), bleiwen esou Wierker nach Minoritéit. 't kann ee soen, datt de Gebrauch vum Lëtzebuergeschen am schrëftlechen Domän souwéiso nach marginal ass, wéi Ofb. 7. weist. Eng Ursach dovun soll d'Tatsach sinn, datt d'Lëtzebuergesch an der Schoul net méi wéi 1 Stonn pro Woch enseignéiert gëtt (Vgl. "Mém. A — 178 du 22 août 2011, p2990"¹⁴). Déi ass natierlech net genuch, fir d'Grammaire an d'Orthographie vun dëser Sprooch propper ze léieren. Als heiteg gutt Schrëftsteller, déi op Lëtzebuergesch schreiwen, sinn z. B. de Roger Manderscheid (1933–2010), de Josy Braun (1938–2012), de Guy Rewenig (1947–), de Jhemp Hoscheit (1951–) ganz bekannt, ma 't gëtt och lëtzebuergesch gutt Schrëftsteller, déi wien, op Däitsch ze schreiwen: de Guy Helming (1963–) z. B. kritt vill Präiser an de Jean Krier (1949–) huet 2011 den Adelbert-von-Chamisso-Präiskritt. Zu Lëtzebuerg gëtt et wéinst der Präsenz vu ville Migranten och eng Kategorie, "Migrantliteratur", déi vu Migranten zu Lëtzebuerg geschriwwen gëtt (Vgl. Glesener 2008). "La mémoire de la baleine" vum Jean Portante z. B., wou déi Identitéit vu Migrante mat der Metapher vum Walfësch duergestallt gëtt¹⁵, ass ganz bekannt dorënner. Deen

fondamental. (http://www.legilux.public.lu/leg/textescoordonnes/compilation/code_education_nationale/CHAPITRE_2.pdf)

¹⁴ Règlement grand-ducal du 11 août 2011 fixant le plan d'études pour les quatre cycles de l'enseignement fondamental. (http://www.legilux.public.lu/leg/textescoordonnes/compilation/code_education_nationale/CHAPITRE_2.pdf)

¹⁵ «N'étant donc chez elles ni dans la mer ni sur la terre, les baleines vivaient [...] une vie tragique.»

Zoustand vu lëtzebuergescher Literatur kann e Begrëff, d’Nationalliteratur, deen an anere Länner selbstverständlech ass, an de Vierdergrond rëckelen an duerno nei Froe stellen.

Déi méisproocheg, hybrid Kultur ass ee vun deenen Elementer, déi Lëtzebuerger hir Identitéit ausmaachen, mä si bréngt och vill Problemer an Diskussiounen. ’t ass wichteg z’observéieren, wéi d’Lëtzebuerger dës Kultur a Gesellschaft weider entwéckelen.

2. 2. Eng Ausbausprooch, Lëtzebuergesch, a seng Entwécklung

D’Lëtzebuergesch ass eng Ausbausprooch, déi vun engem Dialekt vum Däitschen, dem Westmoselfränkischen, dat tëschent der “dorp-dorf”-Linn an der “op-auf”-Linn steet (Vgl. Ofb. 8. (Newton 1996: 50)), zur Nationalsprooch vu Lëtzebuerg ginn ass. Moulin (2006) diskutéiert dëse Prozess mat der Terminologie vun Aurox (1992): “Grammatisierung”¹⁶. Duerno brauch eng Sprooch fir d’Grammatiséierung d’Orthographie, d’Dictionnaire(n) an d’Grammatik.

Mam Ufank vun der Mondaartliteratur am 19. Jh., d.h. mam Ufank vum Gebrauch vum Lëtzebuergesch am schrëftlechen Domän, daucht gläich de Problem vun der Orthographie op. Den Antoine Meyer huet schonns beim Virwuert vu sengem éischte Wierk probéiert, déi lëtzebuergesch Orthographie kuerz virzeschloen (Meyer 2004: 82–89). Den Edmond de la Fontaine (genannt Dicks) huet eng Publikatioun doriwwer erausginn (Fontaine 1855). Um Ufank vum 20. Jh. gouf mat der Aféierung vum Lëtzebuergesch am Enseignement an der Schoul eng méi offiziell Orthographie gefuerdert, a vum Nikolaus Welter a vum René Engelmann gouf déi sougenannt “Engelmann-Welter-Orthographie” entworfen (Moulin 2006: 323). 1939 gouf neilech déi Orthographiekommissioun gegrënnt an nom Krich déi (Margue-)Feldes-Orthographie am Joer 1946 erausginn. Ëm dës Zäit gouf 1935 och eng Wiederbuchkommissioun gegrënnt an nom Krich tëschent 1950 an 1977 dat lëtzebuergesch Wiederbuch a 5. Bänder, *Luxemburger Wörterbuch*¹⁷, erausginn. Well de Margue-Feldes System zevill zur Phonetik orientéiert an allze komplizéiert war, war deen net wirklech verbreed. Déi allerneist an offiziell Orthographie vun 1999 ass déi renovéiert Version vun der Orthographie, déi beim *Luxemburger Wörterbuch* benotzt gouf (Moulin 2006: 323–324). Haut sinn scho vill

Portante (1999²: 158)

¹⁶ Dat ass een anere Begrëff wéi dee linguistesche Prozess, „Grammatikalisierung“.

¹⁷ Dat ass haut am Online verfügbar (http://engelmann.uni.lu:8080/portal/WBB2009/LWB/wbgui_py?mainmode=&lemid=&prefix=a&mode=&openwb=1).



MAP 2.1 Central Franconian dialect area
Source: Based on DSA 56 (1937), 'F. Wiedes Entscheidungskarte der deutschen Mundarten'

Ofb. 8

méisproocheg Wiederbicher, wéi *Luxdicoen* (déi däitsch Fassung (Welschbillig/Schanen/Lulling 2008); déi franséisch Fassung (Schanen/Lulling 2009); déi englesch Fassung (Schanen/Lulling 2012)), *9000 Wieder op Lëtzebuergesch* (Zimmer 2008) asw. ð ass och en Online-Wiederbuch verfügbar (*Lëtzebuenger Online Dictionnaire*). Bis elo awer gëtt keen eesproochegt, d.h. Lëtzebuergesch-Lëtzebuergesch, Wiederbuch erausginn, an dat gréisst Wiederbuch, *Luxemburger Wörterbuch*, ass leider net méi am Drock¹⁸. Haut soll et vun der lëtzebuergescher Sprooch gefuerdert ginn, fir e richtegt, grousst an eesproochegt Wiederbuch ze maachen. Als Beschreibung vun der Grammatik vum Lëtzebuergesch geet och an 19. Jh. zrëck.

Beim Virwuert vum Meyer (1845:

IX-XXXVIII) gëtt si nieft der Skizz vun der Orthographie beschriwwen. Zënter dem Ufank vum 20. Jh. gouf d'Dialektologie zu Lëtzebuerg gutt erfuerscht (Engelmann 1910; Bruch 1952; Palgen 1931, 1954), ma déi systematesch Aarbechten iwwert Lëtzebuergesch si bis elo nëmmen déi vum Robert Bruch (Bruch 1954, 1973³), deen och beim Ausschaffe vum *Luxemburger Wörterbuch* an och vum *Luxemburgischer Sprachatlas*¹⁹ vill bäigedroen huet. Well sech déi linguistesche Theorien zënter der Generativ Grammatik vum

¹⁸ Dat Wiederbuch gouf wéinst dem heikele Problem kritiséiert, datt do rassistesch Ausdréck heiansdo ze fanne waren.

¹⁹ ð gëtt och déi digital Versioun. (<http://www.luxsa.info/>)

Chomsky vill geännert hunn, a wat besonnesch d’Lëtzebuergesch ugeet, dat 1984 zur Nationalsprooch ginn ass, soll déi Grammatik dovun am heitege Kader onbedéngt nach eng Kéier nei beschriwwe ginn.

Eng aner wichteg Perspektiv vun enger Ausbausprooch ass ënnerem Terminus, Standardiséierung, ze diskutéieren. Wéi scho geschriwwen, gëtt et bannent vum Lëtzebuergesch an Dialekter: dës Sprooch ass dofir am enke Sënn net homogen. Fir zu enger Sprooch ze ginn, sollt oder soll nach ëmmer d’Lëtzebuergesch eng Standardvariatioun erausfannen. An der Bezéiung dorop behandelt z. B. Gilles (1999) eng überregional Variatioun vum Lëtzebuergesch ($\approx$ d’Zentrallëtzebuergesch) grëndlech mat den Analyse vun de lëtzebuergeschen Dialekter, déi hien a 4 Variatiounen, Zentrum, Süden, Osten an Norden, subkategoriséiert. Mat den Dateie schlussfolgert en, datt et sech beim Lëtzebuergesch entgéint den traditionellen Analysen, wéi Engelmann (1910), Bruch (1973³) asw. net ëm d’“Koinéisierung” handelt mä ëm den “Dialektausgleich”, well déi Zilvarietéit vun den Dialekter, d’Zentrallëtzebuergesch, net duerch Reduktioun a Simplifikatioun, wéi et vu Koinéë gefuerdert gëtt, gekennzeechent ass (Gilles 1999: §§ 2–3; 260). Ob dës überregional Variatioun scho racks zur Standardsprooch mat der Norm ginn ass, ass awer weider ze diskutéieren. ’t gëtt hei d’Differenz tëschent den Apprentis-sagë vum Lëtzebuergesch vu Mammesproochler an Auslänner. Während Lëtzebuerger hir Mammesprooch nëmmen 1 Stonn pro Woch an der Grondschoul léieren (Vgl. uewen), gëtt et hautdesdaags ëmmer méi Auslänner an d’Sproochschoul, fir dës Sprooch ze léieren. Well an der Sproochschoul mat ville Léiermaterialie méi iwwert d’Orthographie an d’Grammaire vum Lëtzebuergesch enseignéiert gëtt, kennen d’Auslänner souguer méi iwwert déi “richteg” Orthographie an déi “richteg” Grammaire wéi Mammesproochler²⁰. Et ass verständlech, datt eng fix Variatioun beim Enseignement vun der Sprooch fir Auslänner noutwenneg ass, an ’t kann ee bedenken, datt déi Variatioun d’“Standard” ass. Problematesch wier fir d’éischt, datt déi Mammesproochler sech dees “Standard” hei net bewusst sinn oder si deen am Fong net kennen. Zweetens gëtt et zwar déi offiziell Orthographie²¹ (Vgl. Braun 2009¹⁶; Schanen/Lulling 2003) awer wat d’Grammatik ugeet,

²⁰ Bäi der Questionnaire, déi ech 2012 gemaach hunn, huet eng Franzosin, déi Lëtzebuergesch léiert, geäntwert: “Ech liese vill méi Lëtzebuerger Bicher wéi d’Lëtzebuerger, ech schreiwe Lëtzebuergesch besser wéi d’Lëtzebuerger, well ech dat geléiert hunn, awer ech mengen et ass net ganz agreabel fir d’Lëtzebuerger. Et ass net einfach wierklech integréiert ze sinn.”

²¹ Déi neist Versioun ass vun 1999.

gëtt et nach vill Varianten, tëscht deenen een net ka bestëmmen, wat fir eng “richteg” ass: z. B. bäi der Pluralbildung (*Apparat-en/Apparat-er* (Vgl. *Luxdicoen*)), bäi der Deklinatioun (*dat heit-ent Buch/dat heit-e Buch*), Partizip Passéen (*kaaft/kaf* (Vgl. Gilles 2011b)). ’t ass ze bedenken, datt am Lëtzebuergeschen d’Standardiséierung nach net fäerdeg an dofir nach am Gaang ass.

Och virun der Begrënnung vun der Universitéit Lëtzebuerg, déi eenzeg Universitéit zu Lëtzebuerg, am Joer 2003 gëtt et zënter 1935 en Zentrum vun der Lëtzebuergistik: “Section de Linguistique, d’Ethnologie et d’Onomastique” vum “Institut grand-ducal” (<http://www.igd-leo.lu/Joomla/>). Op der Universitéit gouf 2006 de “Laboratoire de linguistique et de littératures luxembourgeoises”, 2007 déi “Formation continue ‘Lëtzeburger Sprooch a Kultur’” an 2009 de “Master en Langues, Culture et Médias — Lëtzeburger Studien” hannerenee gegrënnt an esou gëtt zu Lëtzebuerg d’Lëtzebuergistik ëmmer méi erfuerscht. Am Kapitel heidrënner géing ech diskutéieren, wat de Studium vum Lëtzebuergeschen a Japan bedeit, a wat mir Japaner dozou bäidroen kënnen.

3. Lëtzebuergistik a Japan

Wann een eng geeschteswëssenschaftlech Fuerschung ugeet, soll een tëschent der INTRAkultureller Fuerschung an der INTERkultureller Fuerschung ënnerscheeden, well dotëscht kënnen den Interessi, de Besoin an d’Situatioun anescht sinn. Wat d’Lëtzebuergistik ugeet, ass et vernënfteg, fir eenzel Themaen ze huelen a fir si mat engem Arsenal vun Donnéeën z’analyséieren, wéi et tatsächlech op der Universitéit Lëtzebuerg gemaach gëtt. Dat wier eng INTRAkulturell Fuerschung. Awer a Japan, wäit eweg vum Lëtzebuerg souguer vum Europa, wou et ganz schwéier ass, z. B. Donnéeën ze sammelen oder aktuell Informatiounen ze kréien. Ass et dann iwwerhaupt wierdeg, d’Lëtzebuergistik a Japan geographesch a kulturell esou wäit eweg z’erfuerschen? Wat wieren d’Wärter oder d’Ziller vun der INTERkultureller Fuerschung, wéi Lëtzebuergistik a Japan? Do kann een nach un zwou Orientatiounen denken, nämlech “intern” an “extern”.

D’Fuerscher kënnen mat der “interner” Orientatioun versichen, hirer eegener Kultur nei Perspektiven ze bréngen. Dobäi kann d’Lëtzebuergistik a Japan vill bäidroen. A Japan gëtt déi deskriptiv Linguistik ganz gutt erfuerscht an ’t gëtt zu Tokyo e groussen Zentrum dovun: “the Research Institute for Language and Cultures of Asia and Africa” op der Tokyo University of Foreign Studies. Do gi verschidde Minoritéitssproochen an

Asien, Afrika, och Russland, Amerika, Ozeanien asw. erfuerscht an och vill Workshope fir jonk Fuerscher organiséiert. Well kleng Sprooch meeschtens bedrot sinn, leien déi Haaptpunkte vun hirer Aarbecht net nëmmen op der Deskriptioun vun de Sproochen mä och op der Dokumentatioun an op der Konservatioun dovun. A Japan existéieren och Minoritéitssproochgruppen, z.B. d'Ainu. Ainu ass sprooch-typologesch an eng aner Sprooch wéi Japanesch kategoriséiert, nämlech als eng polysynthetesch Sprooch; dogéint ass Japanesch eng agglutinéierend Sprooch. An hirer Geschicht hunn d'Japaner déi Insel, Hokkaido, koloniséiert, an den Awunner do, den Ainu-Leit, hir Kultur an hir Sprooch ënnerdréckt. Doduerch liewen haut nëmme ganz e bëssen al SproochlerInne vun Ainu ("critically endangered language" nom UNESCO-Kriterium), an dofir schaffe Linguiste ganz haart un der Deskriptioun vun dëser Sprooch, éier si géif racks ausstierwen. Awer dogéint kann ee soen, datt déi japanesch Dialektologie net esou systematesch erfuerscht gëtt, wéi am Däitschland oder an den Nidderlanden, obwuel Japan ca. 3000 km laang ass an et do ganz verschidden Dialekter gëtt, tëschent deene mir déi Schwieeregkeet oder souguer déi Onméiglechkeet vun der Kommunikatioun fanne kënnen an ausserdeem si hautdesdaags och bedrot sinn. Am japanesche Kontext ass et ganz interessant, datt de Wäert vun der Dialektologie vun de japanesche bedrote Dialekter net esou geschätzt gëtt, während vill japanesch Fuerscher fir d'Konservatioun vu Minoritéitssproochen an dem Ausland schaffen. Mir schénge, datt dat wéinst dem Japaner senger Virstellung vun de Begrëffer ass, "Dialekt" a "Sprooch". Obwuel Japan en Inselland ass a geschichtlech net esou vill Kontakter mat anere Sproochen a Kulturen hat, kann ee soen, datt de Japaner mat de Chinesen oder dem Chineseschen ëmmer Kontakter hat. D'Chinesesch war an der japanescher Geschicht laang ganz wichteg an effektiv war et fréier d'Verwaltungssprooch, eng Prestige-Sprooch, déi eventuell mam Laténgeschen an Europa vergläichbar ka sinn. Awer dee groussen Ënnerscheed dotëscht ass, datt déi meescht Japaner Chinesesch net direkt als Friemsprouch "Chinesesch" geléiert, mä duerch "Kanbun" ugehall huet. De "Kanbun" kann een dat Japanesch-Chinesesch nennen oder als japanesch Liesweis vum Chinesesche verstoen. D'Japaner hunn e chinesesche Saz net no der chinesescher Phonologie, mä mat der japanescher Liesweis gelies. Well d'Chinesesch morphologesch a syntaktesch eng aner Sprooch wéi Japanesch ass, hunn d'Japaner dem chinesesche Saz senger Rietssäit funktional, grammatesch Morphemer, déi eng isoléierend Sprooch, Chinesesch, net huet, a senger Lénkssäit déi Zeechnungen, no deenen een d'Wuertuerdnung wiesselt, ginn. Domat konnt de Japaner e chinesesche Saz als "Japanesch" liesen. Allerdéngs war dat net e neutralen, mä dee fir Kanbun charakteris-

tesche Stil. Chinesesch war heimat fir Japaner nimools déi Sprooch, fir mat Chinesen ze kommunizéieren, mä Japaner hunn dës Sprooch duerch eng japanesch Liesweis als japanesch Verwaltungssprooch entwéckelt an deem eegene Kanbun-Stil erfonden. D'Laténgesch an Europa war och net onbedéngt eng Sprooch, fir mat Romanesch Leit ze kommunizéieren, awer de Japaner hir Aart a Weis vun der Adoptioun vum Chinesesche mam Kanbun-Stil ass ganz eegenaarteg. 't kann ee bedenken, datt et esou war, well d'Japaner wéinst dem Mier tëscht de Länner net onbedéngt direkt mat de Chinesen hu misste kommunizéieren, a besonnesch well Japanesch a Chinesesch esou aner Sproochen sinn. Ausser Chinesesch sinn zanter dem 18. Jh. déi europäesch Sproochen ëmmer méi wichteg ginn. Japan huet vun den Niederlanden Medizin, vun Däitschland Technik an och Medizin geléiert. Mat Däitschland hat Japan och politesch eng eng Bezéiung bis zum Enn vum 2. Weltkriech. Nom Weltkriech ass Englesch ëmmer méi wichteg ginn, wéi an der ganzer Welt haut. Et ass do ze bemerken, datt all Friemssproochen fir d'Japaner déi Sproochen sinn, déi typologesch an aner Sprooch-Type kategoriséiert ginn wéi Japanesch (Japanesch: agglutinéierend Sprooch vs. Chinesesch: isoléierend Sprooch; europäesch Sproochen: flektéierend Sprooch). Wéi scho geschriwwen, gëtt et a Japan ausserdem ganz verschidden Dialekter, tëschent deenen een dacks d'Kommunikatiounsschwieregkeeten fënnt. Dofir kann ee bedenken, datt d'Japaner genetesch d'Tendenz oder d'"Illusioun" hunn, fir esou e groussen Ofstand géintwärt "friemssproochen" oder tëschent "Sproochen" z'erwaarden. Linguisten wëssen dach, datt dat net esou ass, an datt déi Grenz tëschent Sproochen dacks net kloer a kontinuéierend ass, mä déi Tatsaach, datt a Japan Minoritéitsproochen esou gutt erfuerscht ginn, kéint e Beweis sinn, datt dës Sprooch-Virstellung fir Japaner nach ganz staark dominéiert; Well et wier fir (op d'manster Heut) Japaner eng Katastroph, wann et a Japan op eemol verbuede géif, Japanesch ze schwätzen, an z.B. nëmmen Englesch geschwat soll ginn. Déi Sproochen sinn esou anescht, an dofir ka fir d'Japaner de Verloscht vum Japaneschen de Verloscht vun der Kultur oder vum Gedanke bedeiten. Esou eng Saach kann eventuell och dobäi eng Roll spillen, datt japanesch Linguisten ganz sensibel fir d'Sproochkonservatioun sinn. An deem Sënn ass et fir meescht Japaner iwwerraschend, datt de Lëtzeburger trotz senger ganz hybrider a méissproocheger Gesellschaft seng Identitéit gutt entwéckele konnt an déi behält. Dat wier am Fong dee grëndlechen Ausgangspunkt vun de japanesche Fuerscher, déi d'Soziolinguistik zu Lëtzebuerg erfuerschen. Anersäits hunn d'Japaner och d'Schwieregkeet, eng Variatioun als eng Sprooch ze betruechten, wa se un anere Sproochvariatiounen kontinuéierend ugrenzt, a wann d'Leit am marginale Raum matenee

kënne kommunizéieren, well d'Japaner esou Variatiounen a Japan als Dialekt bezeechen. Mir schéngt, datt de Japaner doduerch eng Tendenz huet, e linguistesche Wäert op d'Kommunikativitéit ze leeën. Awer hei wëll ech kloer soen: d'Kommunizéierbarkeet an de linguistesche Wäert si getrennt ze bedenken. Wann och déi Leit, déi aner Sproochvariante schwätzen, ouni Problem matenee kënne kommunizéieren, kann et do kleng awer linguistesche wichteg Ënnerscheeder ginn, mat deenen een z.B. déi diachronesch Entwécklung vun enger Sprooch kann nokucken. Dat ass am Fong ee vun de grëndleche Wäerter vun der Dialektologie. Déi lëtzebuergesch hybrid Méisproochegkeet an d'Sprooch, Lëtzebuergesch, kënnen de Japaner hir Illusioun iwwert "Sprooch" an "Dialekt" zerstëieren an him méi wäit Perspektiv opmaachen.

Well bii der Fuerschung vun der aner Kultur d'Hëllef vun de Leit vun der betreffender Kultur onentbierlech ass, z. B. Mammesproochler am Fall vun der Sproochwëssenschaft, solle Fuerscher do weisen, datt si duerch hir Aarbecht zur betrëffender Gesellschaft eppes kënne bäidroen, oder datt si fäeg genuch sinn, mat der Hëllef vun de Leit akademesch wäertvoll Resultater z'erreechen. Dat wier déi extern-orientéiert Perspektiv. Wat kënne japanesch Lëtzebuergisten duerch hir Fuerschung zur lëtzebuergescher Gesellschaft bäidroen? Hei zitëieren ech e Liesbrëif vun engem, deem am Radio gelauschtert huet, datt d'Lëtzebuergesch vun engem Moderator als "Kauderwelsch" bezeeschent gouf.

"[v]iru 67 Joren goufe mir Lëtzebuurger schon mat dem Wuert 'Kauderwelsch' vum Gauleiter Simon a seng Kollaborateuren konfrontéiert an affrontéiert. [...]
Gi mer se wierklech ni lass!?"

Luxemburger Wort, 12. 07. 2008, S. 23. (Gilles et al. 2010: 86)

Zu Lëtzebuerg kritt d'Lëtzebuergesch haut jo ëmmer méi Importenz a vill Auslänner ginn a Sproochcoursen a léieren dës Sprooch. Awer am Bléck vu baussen ass d'Lëtzebuergesch nach eng ganz jonk Sprooch an net esou bekannt. Fir Auslänner déi richteg Positioun vum Lëtzebuergesch als Sprooch ze weisen, wier et och wichteg, konkret Themaen grëndlech z'analyséieren, wéi Fuerscher zu Lëtzebuerg maachen, ma 't misst fir d'éischt e genuch akademesch, systematescht Wierk ginn, dat och Linguiste kënnte referenzéieren. Vill Minoritéitsproochen versiche sech z'internationaliséieren, fir den Interessi vu Linguisten u sech unzezeien a sech beschreiwen an erhalen ze loosse. Esou eng Situatioun passt net ganz op d'Lëtzebuergesch. Awer fir dës Sprooch weider auszebauen, soll een och dorun denken, well eréischt mat deer akademescher Autoritéit

géifen aner Auslänner Lëtzebuergesch als Sprooch betruechten. Ech géif hei ouni
Zweifel soen: D'Lëtzebuergistik a Japan kann dobäi bestëmmt eng bedeitend Roll
spillen.

(にしで かよ・言語文学専攻)

Literatur/URL

- Auroux, Sylvain (1992) "Introduction. Le processus de grammatisation et ses enjeux", In: *Histoire des idées linguistiques* (Sous la direction de Sylvain Auroux), II. Le développement de la grammaire occidentale, Liège, 11-64.
- Berg, Guy (2006) „Abschied vom Dialekt. Zur lëtzebuergeschsprachigen belletristischen Gegenwartsliteratur“, In: Moulin/Nübling (Hrsg.) (2006) 341-356.
- Braun, Josy (2009¹⁶) *Eis Sprooch richteg schreiwen*, Bartreng, rapidpress.
- Bruch, Robert (1952) „Die Mundart des Nordösling“, In: *Annuaire*, Luxemburg, Institut grand-ducal, Section de linguistique, de folklore et de toponymie, 1-50.
- Bruch, Robert (1954) *Das Luxemburgische im Westfränkischen Kreis*, Luxemburg, Publications littéraires et scientifiques du ministère de l'éducation nationale.
- Bruch, Robert (1973³) *Précis populaire de grammaire luxembourgeoise. Luxemburger Grammatik in volkstümlichem Abriss*, Luxemburg, Editions de la Section de linguistique de l'Institut grand-ducal.
- de la Fontaine, Edmond (1855) *Versuch über die Orthographie der luxemburger deutschen Mundart*. *Digitaler luxemburgischer Sprachatlas*: <http://www.luxsa.info/>
- Engelmann, René (1910) *Der Vokalismus der Viandener Mundart*, Diekirch.
- Fehlen, Fernand (2009) *BaleineBis: Une enquête sur un marché linguistique multilingue en profonde mutation: Luxemburgs Sprachmarkt um Wandel*, Luxemburg, SESOPI Centre Intercommunautaire.
- Fehlen, Fernand (2011) "Le statut du français sur le marché linguistique du Luxembourg. Le choix de la langue comme enjeu d'un champ scientifique en devenir", In: Gilles/Wagner (Hrsg.) (2011) 151-175.
- Fröhlich, Harald/Fernand Hoffmann (1997) „141. Luxemburg“, In: Hans Goebel et al. (Hrsg.) *Handbücher zur Sprach- und Kommunikationswissenschaft. Kontaktlinguistik*. Vol. 2., Berlin/New York, Walter de Gruyter, 1158-1172.
- Gangler, J.-F. (1847) *Lexicon der Luxemburger Umgangssprache*: http://engelmann.uni.lu:8080/portal/WBB2009/LLU/wbgui_py?mainmode=&lemid=&prefix=a&mode=&openwb=1
- Gangler, J.-F. (2005) *Lexicon der Luxemburger Umgangssprache* (Unveränderter Neudruck der Ausgabe von 1847), Vaduz/Liechtenstein, Sändig Reprint Verlag Wohlwend.
- Gengler, Claude/Michel Margue/Jeannot Metzler/Gilbert Trausch (2003) *Histoire du Luxembourg. Le destin européen d'un «petit pays»* (sous la direction de Gilbert Trausch), Toulouse, Éditions Privat.
- Gilles, Peter (1999) *Dialektausgleich im Lëtzebuergesch. Zur phonetisch-phonologischen Fokussierung einer Nationalsprache*, Tübingen, Niemeyer.
- Gilles, Peter/Sebastian Seela/Heinz Sieburg/Melanie Wagner (2010) „4. Sprachen und Identitäten“, In: IPSE — Identités, Politiques, Sociétés, Espaces (Hg.) *Doing Identity in Luxembourg. Subjektive Aneignungen — institutionelle Zuschreibungen — sozio-kulturelle Milieus*, Bielefeld, transcript Verlag,

63-104.

- Gilles, Peter/Malanie Wagner (Hrsg.) (2011) *Linguistische und soziolinguistische Bausteine der Luxemburgistik*, Frankfurt am Main, Peter Lang Internationaler Verlag der Wissenschaften.
- Gilles, Peter (2011a) „Mündlichkeit und Schriftlichkeit in der luxemburgischen Sprachgemeinschaft“, In: Georg Mein, Heinz Sieburg (Hrsg.) *Medien des Wissens. Interdisziplinäre Aspekte von Medialität*, Reihe: Literalität und Liminalität, Bd. 4., Bielefeld, 43-64.
- Gilles, Peter (2011b) „Morphophonologie des Partizip II im Luxemburgischen“, In: Gilles/Wagner (Hrsg.) (2011) 51-82.
- Glesener, Jeanne E. (2008) „La littérature de l'(im)migration au Luxembourg“, In: Claude D. Conter/Germaine Gortzinger (Hrsg.) (2008) *Identitäts(de)konstruktionen. Neue Studien zur Luxemburgistik*, Esch-sur Alzette, Éditions Phi.
- Infolux. Forschungsportal zum Luxemburgischen (Laboratoire de linguistique et de littératures luxembourgeoises): <http://infolux.uni.lu/>
- Institut grand-ducal: <http://www.igd-leo.lu/Joomla/>
- Legilux: <http://www.legilux.public.lu/>
- Luxemburger Wörterbuch* (1950-1977) Luxembourg, P. Linden.
- Luxemburger Wörterbuch* (online): http://engelmänn.uni.lu:8080/portal/WBB2009/LWB/wbgui_py?mainmode=&lemid=&prefix=a&mode=&openwb=1
- Meineke, Eckhard/Judith Schwerdt (2001) *Einführung in das Althochdeutsche*, Paderborn, Verlag Ferdinand Schöningh.
- Meyer, Antoine (1845) *Luxemburgische Gedichte und Fabeln*.
- Meyer, Antoine (2004) *E Schrëck op de Lëtzebuurger Parnassus. Jong vum Schrëck op de Lëtzebuurger Parnassus. Lëtzebuurger Bibliothék 12*, Luxembourg, Édition du Centre national de littérature Mersch.
- Moulin, Claudine/Damaris Nübling (Hrsg.) (2006) *Perspektiven einer linguistischen Luxemburgistik. Studien zu Diachronie und Synchronie*, Heidelberg, Universitätsverlag Winter.
- Moulin, Claudine (2006) „Grammatisation und Standardisierung des Luxemburgischen. Eine grammatikographisch-sprachhistorische Annäherung“, In: Moulin/Nübling (Hrsg.) (2006), 305-339.
- Moulin, Claudine/Elvira Glaser (2009) „68. Echternacher Glossenhandschriften“, In: Rolf Bergmann/Stefanie Stricker (Hrsg.) (2009) *Die althochdeutsche und altsächsische Glossographie. Ein Handbuch. Bd. 2*, Berlin, Walter de Gruyter, 1257-1278.
- Newton, Gerald (1996) „German, French, Lëtzebuergesch“, In: Gerald Newton (ed.) (1996) *Luxembourg and Lëtzebuergesch. Language and Communication at the Crossroads of Europe*, Oxford, Clarendon Press, 39-65.
- Newton, Gerald/Franz Lösel (1999) *Yolanda von Vianden. Moselfränkischer Text aus dem späten 13. Jahrhundert mit Übertragung*, Luxembourg, Institut Grand-Ducal Section de Linguistique, d'Ethnologie et d'Onomastique.
- Palgen, Helene (1931) *Kurze Lautlehre der Mundart von Echternach*, Luxembourg.
- Palgen, Helene (1954) „Vokalismus der Mundart von Knaphoscheid (Kanton Wiltz)“, In: *Jahrbuch der luxemburgischen Sprachgesellschaft* 8, 3-18.
- Portante, Jean (1999²) *La mémoire de la baleine*, Bordeaux, Le Castrol Astral.
- Schanen, François/Jérôme Lulling (2003) *Introduction à l'orthographe luxembourgeoise. Description systématisée de l'orthographe officielle luxembourgeoise telle qu'exposée en annexe de l'arrêté*

ministériel du 10/10/1975 et modifiée par les révisions proposées en annexe du règlement grand-ducal du 30/07/1999: http://www.cpl.lu/pdf/schanen_lulling_frans.pdf

Schanen, François/Jérôme Lulling (2009) *Luxdico. Lëtzebuergesch-Franséisch, Français-Luxembourgeois*, Esch-sur-Alzette, Editions Schortgen.

Schanen, François/Jérôme Lulling (2012) *Luxdico Lëtzebuergesch-Englesch, English-Luxembourgish*, Esch-sur-Alzette, Editions Schortgen.

Schulte, Wolfgang (1993) *Die althochdeutsche Glossierung der Dialoge Gregors des Großen*, Göttingen, Vandenhoeck & Ruprecht.

Statec (Le portail des statistiques. Grand-Duché de Luxembourg): <http://www.statistiques.public.lu/fr/index.html>

Trausch, Gilbert (1992) *Histoire du Luxembourg*, Hatier.

Welschbillig, Myriam/François Schanen/Jérôme Lulling (2008) *Luxdico. Lëtzebuergesch-Däitsch, Deutsch-Luxemburgisch*, Esch-sur-Alzette, Editions Schortgen.

Zimmer, Jacqui (2008) *9000 Wierder op Lëtzebuergesch*, Luxembourg, éditions saint-paul.